



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Communications
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
3. Changement de composition d'une commission parlementaire
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
5. Vœux de rétablissement
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
6. 6695 - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) n°181/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 concernant les droits des passagers dans le transport par autobus et autocar et modifiant le règlement (CE) n°2006/2004, et modifiant
 - 1) les articles L.311-5 et L.311-6 du Code de la consommation,
 - 2) l'article 7bis de la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics
 - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
 - Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen
 - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
7. 6770 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire
 - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
 - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen (M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures pose une question)
 - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (Mme Sylvie Andrich-Duval et M. Gast Gibéryen posent des questions, M. Alex Bodry intervient), Mme Sylvie Andrich-Duval, M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. 6750 - Projet de loi modifiant
 - a. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-Duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes;
 - b. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;
 - c. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant
 1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;
 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés
 - Rapport de la Commission juridique: M. Roy Reding
 - Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel
 - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
9. 6754 - Proposition de loi modifiant l'article 126 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003
 - Rapport de la Commission juridique: M. Roy Reding
 - Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry, Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel, M. Justin Turpel
 - Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel
10. 6690 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'introduction d'un système de pétition publique
 - Rapport de la Commission du Règlement: M. Marco Schank
 - Discussion générale: M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel
 - Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés
11. Changement de composition d'une commission parlementaire
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz et François Bausch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech maachen d'Sëtzung op.

D'traditionell Fro un d'Regierung: Här Statsminister, hutt Der eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Neen, Här President, dat ass net de Fall.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da gi mer zu de Kommunikatioun vum der Chamber iwwer.

2. Communications

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerte ass hei deponéiert. D'Lëscht vun de Projeten, déi zënter der leschter Sëtzung hei abruecht gi sinn, ass un d'Fraktioun verdeelt ginn, grad ewéi d'Lëscht vun deenen neie Petitiounen.

Communications du Président - séance publique du 17 mars 2015

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6790 - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation de l'Armée luxembourgeoise à la mission Resolute Support en Afghanistan

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de la Défense, le 10.03.2015

6791 - Projet de loi modifiant l'article 5 quinquies, paragraphe 1^{er}, point b) de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

Dépôt: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, le 11.03.2015

6792 - Projet de loi portant modification

1. des articles L.126-1, L.251-1 et L.426-14 du Code du Travail;

2. de l'article 1 de la loi modifiée du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du Travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

3. de l'article 1bis de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

4. de l'article 1bis de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

5. de l'article 454 du Code pénal

Dépôt: M. Nicolaş Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 12.03.2015

6793 - Projet de loi concernant la compatibilité électromagnétique

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 16.03.2015

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

Demande de pétition publique n°494 - Pour la personnalisation complète des plaques d'immatriculation

Dépôt: 12.03.2015 par M. Ben Dahan

Demande de pétition publique n°495 - Pour la reconnaissance du travail des chasseurs

Dépôt: 14.03.2015 par M. Simone Di Pentima

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. Changement de composition d'une commission parlementaire

Op Demande vun der DP-Fraktioun wäert, wann Dir domadder d'accord sidd, den Här

Eugène Berger d'Madame Simone Beissel all Kéiers fir de Punkt vun der Proposition de loi 6589B iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement de l'État an der Institutiounskommissioun ersetzen.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Dann huet d'Présidentekonferenz den Ordre du jour fir déi nächst dräi Deeg festgehalen. Dir hutt deen Ordre du jour zougestallt kritt. Et ass just eng Ännerung vis-à-vis vun der ursprénglecher Proposition: Mir hu bei engem Projet de Basismodell duerch de Modell I bei de Riezäiten ersat.

An ech wollt och nach sécherstellen, dass mer déi international Projeten, déi Accorden, dass mer déi mat engem Rapport a mat enger Diskussioun kënnen traitéieren.

Ass d'Chamber do dermat d'accord? Dat war aus dem Ordre du jour net esou ervirgaangen. Mä wann ech mech gutt erënneren, hate mer an der Presidentekonferenz...

► **Une voix.**- Modell 1, an der Presidentekonferenz.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà, de Modell 1 hate mer an der Presidentekonferenz als Prinzip festgehalen. Ass dat esou, wéi d'Chamber sech dat wënscht?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

5. Vœux de rétablissement

Ech wollt dann och d'Chamber kuerz informéieren, dass eise Kolleg Marc Angel, deen de leschte Freideg an engem Busaccident en Aarmbroch erlidden huet, haut opéiert ginn ass, dass et em gutt geet an dass en lech allegier häerzlech gréisst. An Ärem Numm géif ech em alles Guddes wënschen, fir dass e séier erëm hei ass.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci!

Da géife mer zu dem Ordre du jour iwwergoen. Als éischte Projet hu mer de Projet 6695 iwwert d'Rechter vun de Passagéier. An do huet d'Wuert direkt d'Madame Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché.

6. 6695 - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) n°181/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 concernant les droits des passagers dans le transport par autobus et autocar et modifiant le règlement (CE) n°2006/2004, et modifiant
1) les articles L.311-5 et L.311-6 du Code de la consommation,
2) l'article 7bis de la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6695 geet et em d'Transpositioun an eis national Gesetzgebung vum europäesche Reglement 181/2011. D'Haaptzil besteet doran, d'Rechter vun de Passagéier ze schützen a gläichzäiteg d'Qualitéit an d'Effikassitéit vum Transport am Autocar an Autobus ze verbessern, woubäi d'Wuert „Autobus“ gebraucht gëtt fir d'Gefierer, déi relativ kuerz Distanzen am Alltagsverkéier assuréeieren, während „Autocar“ fir Gefierer steet, déi méi laang Distanzen am Beräich vum Fräizäittransport oder vum Vakanzentransport zrëckleeën.

An deem Kader gesäit de virleiene Gesetzesprojet Sanktiounen vir am Fall, wou d'Rechter vun de Passagéier net respektéiert ginn. Konkret geet et hei em d'Recht op Transport vu behënnerte Mënschen oder Mënsche mat ageschränkter Mobilitéit, em d'Recht op Informatioun iwwert d'Tariffer, em d'Disponibilitéit vun de Billjeeën, em d'Reservatiounen, och em Entschiedegung am Fall vu Verloscht vun de Bagagen oder nach em d'Regelen, déi bei enger Annullatioun oder enger Verspéidung musse gëllen.



D'europäescht Reglement ass applikabel fir all Persounentransport am Autobus an Autocar am Fall, wou den Ufank oder d'Enn vum Trajet vum Passagéier sech an engem Memberstat befënnt an en eng Distanz vun 250 Kilometer oder méi huet. Eenzel Dispositiounen zielen och fir Distanze vu manner wéi 250 Kilometer, wat fir eist Land jo och noutwendeg ass. Bei Annullatiounen oder Verspéidunge muss d'Distanz an alle Fäll 250 Kilometer oder méi hunn, fir dass d'Dispositiounen kënnen a Kraaft trieden.

Zu Lëtzebuerg gëtt d'Applikatioun vum europäesche Reglement iwwert d'Communauté des Transports ofgesécher. Dat heescht, dass d'CdT Plainten entgéinhielt an deem betreffen Transportunternehmen, dem Chauffeur, Agent oder enger anerer responsabler Person d'Sanktioun kann ausschwätzen, jee no Gravitéit vum Vergoen. D'Kompetenze vun der CdT ginn an de Code de la consommation an an d'Gesetz iwwert den effentlechen Transport integréiert.

De betrouffene Passagéier muss seng Plainte schréfflech motivéieren, muss se ënnerschreiwen an de Grond vun der Plainte och ganz prezis beschreiwen. D'Communauté des Transports hirersäits huet duerno dräi Méint Zäit, fir dem Passagéier hir Décisioun matzedeelen.

Éier eng Sanktioun däerf ausgeschwat ginn, huet dee Beschëllegten d'Recht, vun der Communauté des Transports gehéiert ze ginn an Observatiounen zu der Plainte ze maachen. Am Fall vun Oneenegkeet huet déi beschëllegt Partei dann och nach d'Recht op e Recours virum Verwaltungsgericht.

Déi eenzel Obligatiounen, déi vun den Transporteuren musse respektéiert ginn, sinn a ganzer 18 Artikelen vum europäesche Reglement definiert. D'Sanktiounen sinn administrativer Natur a mussen innerhalb vun engem Délai vun 30 Deeg vum Enregistrement agezu ginn. Jee no Gravitéit belafen d'Sanktiounen sech op 500 Euro respektiv op 2.000 Euro a kënnen am Fall vu widderhuelte Feelhandlungen innerhalb vun engem Joer verduebelt ginn.

Fir behënnerte Persounen oder Persoune mat ageschränkter Mobilitéit e bessere Schutz ze garantéieren a fir der Diskriminatioun vun deene Persounen och am Transport virzebeugen, gëtt d'Feelverhale vis-à-vis vu grad deene Persoune méi streng sanktionéiert. D'niicht ass ab dem Joer 2016 och eng Formatioun virgesi fir all déi Beschäftegt, déi an direktem oder indirektem Kontakt mat Passagéier mat Handicap oder à mobilité réduite sinn.

Dës Dispositioun war eigentlech net an deem kuerzen Délai verlaangt, mä an der Kommissioun si mer eis eens ginn, dass den Délai vun 2016 sollt respektéiert ginn. Dat, fir en Zeechen ze setzen a Richtung Inklusioun vu behënnerte Mënschen a Respekt virun hire Problemer.

De Projet de loi bezitt sech iwwregens och op de Persounentransport am Beräich vun der interner Navigatioun, déi natierlech zu Lëtzebuerg net an d'Gewicht fält; mir schwätzen net vu Paddelbooter op der Sauer.

Ech kommen zum Oflaf vun de Prozeduren an zu den Aarbechten an der Kommissioun. De Projet de loi ass den 10. Juni 2014 vum Nohaltegkeets- a Infrastrukturminister déposéiert ginn. Den Avis vun der Chambre des Métiers ass vum 13. Juni 2014. Den éischten Avis vum Statsrot koum de 24. Juni 2014 a säin Avis complémentaire de 24. Februar 2015.

Den 10. Dezember 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An därsewlechter Sëtzung huet se sech mam Gesetzesprojet a mam éischten Avis vum Statsrot befaasst. Da komme mer op d'Joer 2015. De 7. Januar 2015 huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer am Text virgeholl. Den 3. Mäerz 2015 huet d'Kommissioun sech mam Avis complémentaire vum Statsrot befaasst. An den 12. Mäerz 2015 huet se mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Zum Avis vum Statsrot bleift ze soen, dass doran eng ganz Rei vun Opposition-formellen dra ware géint den initialen Text, dee geschriwwen gi war. Eng vun de wichtegsten Oppositiounen huet sech op déi initial Approche vun den Auteuren bezunn, engersäits e Gesetz an anerersäits e Règlement grand-ducal ze schafen. Dat heescht, dass ursprénglech d'Dispositiounen vum europäesche Reglement sollten an d'Gesetz integréiert ginn, während d'Bestëmmungen, déi sech speziell op Lëtzebuerg bezunn hunn oder och an Zukunft wäerte bezéien, an de Règlement grand-ducal sollten integréiert ginn.

Dës zweegleiseg oder dual Approche huet dem Statsrot net gefall an ass opgrond vun enger Opposition formelle dunn och vun der Kommissioun fale gelooss ginn, mam Resultat, dass

d'Kommissioun sämtlech Dispositiounen an de Gesetzesprojet integréiert huet.

Weider Kritikke vum Statsrot ware méi legistescher oder juristescher Natur a sinn alleguer am Commentaire des articles vu mengem schréffleche Rapport nozeliesen. Do ginn ech elo net an d'Detailer. Dat si ganzer, mengen ech, 30 Säiten, déi de Rapport huet, et war eng „mer à boire“.

Ofschléissend soen ech der Madame Josiane Pauly an och der Madame Félicie Weycker aus dem Nohaltegkeetsministère e grouse Merci wierklech fir hir kompetent Berodung an hir juristesche Begleedung an deem Dossier, deen, wéi gesot, zimlech komplizéiert war.

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Opmierksamkeet. Ech wëllt och nach d'Madame Trmata erwähnen, déi och eng grouss Roll an deem Dossier gespilt huet.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Lorsché. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech der Madame Lorsché villmools Merci soe fir hiren exzellente schréfflechen a mündleche Rapport. Si huet am Fong geholl dat meescht gesot, duerfir kann ech mech ganz kuerzfaassen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Ech wëll just betounen, dass d'CSV selbstverständlech begréisst, dass dat EU-Reglement ëngesat gëtt an domadder u sech d'Rechter an d'Sécherheet vun de Passagéier verstärkt ginn. D'Positioun vun de Passagéier gëtt ganz kloer virun allem domadder gestärkt, dass och e Strofregime agefouert gëtt. D'Madame Lorsché ass op déi eenzel Tariffer do agaangen, et eriwweegt sech also, se nach eng Kéier ze widderhuelen.

Viséiert sinn natierlech och d'Regele fir Leit mat Handicap a Leit mat enger reduziierter Mobilitéit. Och dat ass e wichtegt Element. A schlussendlech gëtt et och nach Informatiounen iwwert d'Tariffer, d'Billjeeën, d'Reservatiounen respektiv iwwert d'Indemnisiatiounen, wann d'Gepäck ze spéit respektiv guer net ukënnert oder verluer geet.

Da wollt ech och nach just soen zum Schluss, dass mer selbstverständlech och där Meenung si wéi de Statsrot, dass et net gutt gewiescht wier, wéi d'Madame Lorsché sot, „zweegleseg“ ze fueren: deels Dispositiounen am Gesetz an deels am Reglement. Et ass effektiv méi transparent, dass mer dat Ganzt elo am Gesetzestext erëmfannen.

Dat gesot, géif ech mer dann erlaben, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet de loi ze ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëllt ech och der Rapportrice, dem Joséé Lorsché, e grouse Merci soe fir hire mündlechen a schréffleche Rapport.

Mir begrëisse virun allem, dass d'Communauté des Transports d'Autorité compétente elo gëtt, fir déi Sanktiounen auszuschwätzen an deem Beräich. Ech mengen, dass ass virun allem wichteg fir de Schutz vum Client am effentlechen Transport.

Des Weidere wëlle mer och nach zousätzlech eng Kéier soen, dass mir wierklech begrëissen, dass déi handicapéiert Persounen och elo absolut geschützt sinn, dass also all Transporteur muss derfir suergen, dass déi handicapéiert Leit kënnen transportéiert ginn.

An deem Sënn gi mer och den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Negri. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll drun erënnere, dass zënter dem 1. Mäerz 2013, wou jo elo dat Reglement a Kraaft getrueden ass um europäesche Plang, d'Europäesch Unioun deen éischte geografesche Raum op der Welt ass, wou u sech elo d'Rechter vun de Leit méi respektéiert ginn um Niveau vum Fluch-, vum Zuch- a vum Busverkéier. Op där anerer Säit, wat och schonn hei richteg ënnerstrach ginn

ass, ass et wichteg, dass och elo deene Leit mat Mobilitéit réduite respektiv deenen, déi en Handicap hunn, méi Rechter zouerkannt ginn.

Ech wëll dann och drop hiweisen, dass d'Communauté des Transports elo eng zousätzlech wichteg Missioun kritt. Ech verheemlechen net, dass d'Demokratesch Partei viru Jore vläicht e bësse méi reservéiert war, wéi déi Communauté des Transports geschafe ginn ass. Mir erkennen awer haut un, dass sech dorausser awer trotzdeem eng wichteg Institution entwéckelt huet. Si kritt jo elo u sech juridictionnelle Charakter op eng Manéier, well se jo och däerf elo Strofen aussprechen um administrative Plang.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass et trotzdeem awer och ze hoffen ass, dass elo net ze vill Abuse gemaach ginn, dass awer och elo net ze vill Leit mengen, si kéinten elo bei all Klenggeheet hei eng Plainte déposéieren.

Vläicht eng lescht Remarque nach: Dat ass awer, dass et och wichteg ass, dass dat Gesetz hei, wat elo vläicht net dee ganz groussen Écho dobausse fënn, awer eng grouss Wichtigkeet huet an dat et awer an deem Sënn och opportun wier, wann eng gezielt Informatiounscampagne elo géif gemaach gi bei de Leit dobaussen, fir dass se awer och wëssen, dass se an Zukunft zousätzlech Rechter hunn, also déi Leit, déi mam Bus ënnerwee sinn. Duerfir wier et och vläicht gutt, wann d'Communauté des Transports respektiv de Ministère sech där Saach géif unhuelen.

Selbstverständlech steet d'Demokratesch Partei zu deem Gesetzesprojet hei. An ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir der Madame Lorsché nach Merci ze soe fir hiren ausféierleche schréfflechen an och mündleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus der Kolleeigin Joséé Lorsché Merci soe fir dee mündlechen a virun allem dee schréffleche Rapport. Si huet et mat treffende Wieder gesot, dass et e relativ komplexen Text war. Mä si huet et awer verstanen, gutt ze resüméieren an hei gutt ze erklären.

Ech wëll mech duerfir all deene Wieder, déi meng Virriedner hei geschwat hunn, uschlëssen. Just, dass ech mengen, dass mir dat eenzeg Land sinn, wat déi Direktiv hei net kann op nationalem Territoire ëmsetzen: Et muss ee schonn iwwert d'Grenz fueren, fir dass een drënnerfält. Well, ech mengen, de Minimum sinn 250 Kilometer, wann ëmmer. An duerfir, wéi gesot, ass et awer gutt fir déi Leit, déi dann an d'Ausland fueren, déi falen heidrënner.

All déi Virdeeler, déi dat Gesetz hei mat sech bréngt, hu souwuel d'Rapportrice wéi meng Virriedner gesot, an duerfir ass et selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun eiser Partei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemeiner Diskussioun an d'Wuert huet den Här Nohaltegkeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Och Merci un d'Rapportrice fir hire gudden schréfflechen a mündleche Rapport an un all d'Deputéiert fir déi kuerz, awer konsistent Interventiounen.

Ech freeë mech, dass de Projet unanime gestëmmt gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6695.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6695 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges

Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber och bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 6770 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur. An d'Wuert huet elo erëm direkt d'Rapportrice, d'Madame Joséé Lorsché.

7. 6770 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Majo, dann nach eng Kéier villmools Merci, Här President. An nach eng Kéier: Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6770 erlaabt de Finanzement vun der zweeter Phas vun der multimodaler Plattform tëschent Dideleng a Beetebuerg. E modifizéiert den Artikel 10 vum Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Eisebunnsinfrastruktur duerch en entsprechenden Zousaz. Éier ech zu den Detailer vun där zweeter Phas kommen, wëllt ech awer kuerz op de Gesamtkontext vun deem Projet agoen.

Wéi Dir bestëmmt alleguer wësst, ass de Bau vun der éischter Phas vun der multimodaler Plattform schonn iwwert d'Gesetz vum 27. August 2013 accordéiert ginn. Iwwert dat Gesetz sinn 182 Milliounen Euro gestëmmt ginn - also e Batz méi wéi haut -, fir de Gros vun den Aarbechten ze finanzéieren. Haut geet et ëm de Vote vu weideren 39 Milliounen, déi et sollen erlaben, d'Suite vun deenen Aarbechten an Ugrëff ze huelen, mam Objektiv, dass de Site spéistens Enn 2016 voll funktiounsfäeg ass.

D'Gréisst vun der Plattform gëtt par rapport zu hirer aktueller Gréisst verdräifacht a kritt eng Superficie vun 32 ha.

Mat engem Gesamtinvestissement vun iwwer 200 Milliounen Euro besteet d'Hauptzil vun deem Eisebunnsprojet doran, d'Fracht vun der Strooss op d'Schinn ze verlagere an d'CO₂-Emissiounen am Beräich vum Schwiiertransport ëm 70% ze reduzéieren. Oder anescht ausgedréckt: D'Aspuerung vun CO₂ soll sech bis zum Joer 2025 an deem Beräich méi wéi verdräifachen. Woubäi ee ka bemerken, dass den Transport vu Gidder op der Strooss momentan 40% vun den CO₂-Emissiounen am Transportwiese verursaacht. De Projet huet also eng ganz kloer ekologesch Ausrichtung.

Parallèll dozou geet et awer och drëms, d'Entwécklung vum Logistiksecteur zu Lëtzebuerg weiderzedreiwene a Synergien ze schafen tëschent der Plate-forme multimodale an der Logistik, déi um ugrenzende Site mam Numm Eurohub um Entstoen ass.

Opgrond vun der zentraler Lag vu Lëtzebuerg eegenen des Synergie sech gutt, fir Lëtzebuerg europawäit am Logistiksecteur ze positionéieren. Déi multimodal Plattform verbënnt Lëtzebuerg nämlech mat zwee groussen Eisebunnskorridoren: notamment mat deem tëschent dem Nordmier, dem Baltesche Mier, der Méditerranée an enger Rei europäeschen Industriezentren an anerersäits och mam Korridor tëschent Rotterdam, Antwerpen, Beetebuerg, Basel a Lyon. Beetebuerg huet also eng wichteg Roll op deem Korridor ze spillen.

Doriwwer eraus erlaabt de Projet Multimodal d'Kreatioun vu schätzungsweis 500 Aarbechtsplazen, déi vun der Logistik net emol age-rechent. Dës Aarbechtsplaze kommen notamment enger Géigend zegutt, déi duerch d'Kris an der Siderurgie an awer och duerch d'Schléissung vum Site op der WSA staark gelidden huet. Bei der WSA eleng sinn iwwer 400 Aarbechtsplazen deemools verluer gaangen.